

## Fändel an Heemecht

Elo si mir an deem Mount, wou ee ka **weisen, ob et engem mat deem Äifer fir eise Fändel oder de Roude Léiw eescht gemengt war/ass**. Oder ob et sech nëmmen ëm en Encouragements-Wéitschen am 'Tour de France', engem Footballmatch oder soss enger (sympathescher!) Sportsmanifestatioun dréine soll. Datselwecht gëllt jo och fir déi flott rout-wäiss-blo Kierper-Moleieren, mat deenen d'Supporteren hir berechtigt Begeeschterung wëlle weisen. Mir stinn do net eleng. Huet dee Fändelfurri an d'Fuerwespill an Däitschland, dem Frankräich, der Belsch oder Holland. Et ass einfach lëschtég... sou laang wéi et friddlech ass an net ongesond a geféierlech fanatesch gëtt!

**Den 22. Juni hu mir alleguer eng schéi Geleeënheet**, fir eisem Fändel déi Eier ze ginn, déi him als Symbol vun eiser Fräiheet, Onofhängegkeet a Souveränitéit zousteet. Dat ass nämlech de Fong an de Sënn vun all nationalem Symbol an Europa an op der Welt. Et ass keen negatiivt Zeechen, an et däerf och net esou gekuckt/gebraucht ginn... am anere Fall hätte mir an déi 'aner' besser, all Fändelen an de Lompekerf ze geheien!

Et ka wierklech kee méi soen, hie wéisst net, **wou a wéi hien e Fändel ze kafe kritt**. Dir fannt en an alle Gréissten a jidfer Souvenirs-Buttek. Kuckt an de 'Giele Säite' vum Téléphonsbuch ënnert dem Stéchwuert 'Drapeaux'; do gëtt et méi Fändelen, Staangen an Ophänkerte wéi Suen am Portmonni. Eng Ursach huet also knapps een, dee fir eisen Nationalfeierdag kee Fändel eraushänkt... et sief dann, hie geniert sech. Firwat?

Rout-wäiss-blo oder Roude Léiw? Wa mir bei der Iddi vum 'Symbol' bleiwen, dann ass dat am Fong egal, héchstens eng Fro vu Goût fir dat Eent oder dat Anert. Déi zwou Zorte sinn (sengerzäit duerch de Staatsminister Jacques Santer) **souwisou am Gesetz verankert**, also och de Roude Léiw, mä deen apaart fir d'Arméi, d'Schëfferei an d'Aviatioun. D'Fro, ob mir eisem 'einfache' Fändel sollen e Roude Léiw ouni Sträifen an dat Wäisst ginn, dat sollen déi decidéieren, déi dofir do sinn: déi politesch Verantwortlech... ower net am Sënn 'pour se rappeler aux bon souvenir (électoral) des citoyens'. Ech geng mengen, mir hätten d'Recht, dat och emol ze soen... well schléisslech huet an de leschte 25 Joer keen anere wéi d'Actioun-Lëtzebuergesch sech och nëmme mat deem mannste Pijeswiertchen e Gedanken iwwer eis Fändelen oder Wope gemaach. Mir kruten ongerechterweis dofir dacks genuch déi 'fanatesch Nationalisten a Rietsextremisten' duergebass. Vrun allem vu verblatzte Lénksextremisten!

Nach e klenge Gedanken an deem Zesummenhank: Wann eiser auslännescher Matbierger op Nationalfeierdag hire Fändel mat eisem zesummen eraushänken, da kucke mir dat absolutt positiv. **Fir äis wëllen si domat hir Sympathie fir Lëtzebuerg weisen**, dat hinnen an hire Famillen hei en zerguttstert Liewen offrériert huet. Bonjour Integratioun!

An elo: **Gitt a kaaft iech e Fändel!** Fir unzufänken alleguer déi Frënn, déi fir ee vun deenen zwéin eng Petitioun ënneschriwwen hunn... dat wieren der jo alt emol op d'mannst 30 000. Mol kucken.

## ... a soss keen op der Welt!

... **wäscht de Kapp**, mä d'Hoer; just d'Lëtzebuurger ginn hei souzesoen 'op d'Ganzt'! Mir hunn zwar och eng Zännbiischt, mä et fällt kengem an, sech Zänn ze 'bischten (brosser/to brush)', si ginn och net 'gebotzt', mä gwäsch!... ower mir ginn eis Saachen an d'Botzerei, fir se botzen ze loosse an net ze 'rengenen'...

Iwwer déi kéipweis Fäll an dësem Sënn kennt (jidder-)een e laangen Artikel schreiwen, oder dee **Phenomän esouguer am Detail fir eng (nëtzlech!) Diplomaarbecht** ënnersichen. Dat hätt e prakteschen Zweck an net nëmmen deen, eng weider 'Stelzevullenaarbecht' fir an eng Bibliothék ze schreiwen... déi vu Saache bascht, déi vun e puer 'happy few' fir an e weidert Buch gegrimmelt an zermuele ginn... bis et verstëbst ass. ■ AL

## Scho beduecht... ?

datt d'Lëtzebuurger zwar vun engem **Zuch** oder **Gleis** schwätzen... ower net vun engem Bahnhof (gare) oder Schalter (guichet), vun engem 'trem' oder enger 'voie'; dass et bei äis kee Reifen/Reef a keng Lenkstaang um Velo/Rad gëtt, mä e **Pneu** an e **Guido(n)**; dass keen eng Käerz (**Bougie!**) ersetzt an och knapps um 'Anlasser' (**démarreur!**) kniwwelt, mä jidderee vun engem **Kühler** schwätzt an net vun engem 'radiateur'... sicht emol nëmmen um Auto an um Velo/Motor weider.

Wat dat soll? Mä et ass en Zeechen, dass mir wierklech tëscht 2 grouse Sproocher setzen an och (onbewusst) dovu Gebrauch maachen.

Dat hei ass e ganz grousst Gebitt, fir z. B. **dat 'lëtzebuergesch Lëtzebuergesch' vun deem rondrëm äis ze ënnerscheeden**. Do kennt e jonke Student sech e flotte Sujet fir eis Sprooch op der Uni eraussichen! ■ AL



(PHOTO: TEDDY JAANS)

## 'ch man ierch dat

Watgliff? Dat soll heeschen: *Ech ma(ache)n iech dat*. Et ass **sougenannt SMS-Sprooch**... mä et ass nach eppes weider; et ass de Bewäis vum hiermiddege Verhondse vun enger normaler 'Schwätz'. Deeselwechte Phenomän hu mir am Engleschen, am Franséischen, am Däitschen, a bestëmmt och an Italien, Spuenien oder dem Portugal.

Wat soll dat beweisen? Näischt. Héchstens: dass ee **bei jidfer hueler Schoofskappshickécht hannendrun** ze bläakse leeft; dass een emol net richtig schwätze kann an am léifste geng bille wéi e Mupp; dass esou zimlech alles an eiser (iwerfiddeter) Gesellschaft engem Wurscht ass, bis op de **bëllege 'fastfood' op jidfer Manéier**; dass Kultur am Grouse Ganzen (och Sproochkultur!) jo dach nëmmen eppes fir 'konservativ' Langweiler ass... a wat ass da méi lazeg-gelangweilt wéi all déi aremséileg No-Afereien? SMS huet mat 'short message' ze dinn, also enger kuerzer Nouvelle, net mat engem **Analphabete-Concours**.

Datt eis TV an hirem 'Ticker' SMS-Relatiounen lafe loosse, ass vläicht keng iwwel Saach... ower 'si' könnte sech en décke Luf verdéngen, wann dat Geschreifs e bëssen an d'Rei gemaach giff, iert et iwwer de Schiirm dabbert. ■ P.W.

## Ceterum censeo...(13)

Datt et bei den **Discussiounen iwwer eis Sprooch an der Constitutioun** dës oder déi Bedenkerei guff/gëtt, dat ass normal an en Zeechen, dass sech éierbar mat der Saach beschäftegt gëtt. Datt en etlech der sech um Ausdrock 'national' stoussen, dat kann ee verstoen... oder och net, well 'national' jo net 'nationalistescht' heescht!

Huet et dann net ze bedenke ginn, dass am Frankräich d'Madame Royal sech quasi an der 'Tricolore' gewänzelt a mat hire Parteikollegen d'Marseillaise geschmuttert huet; dass et elo ënnert dem Här Sarkozy souguer e Ministère vun der franséischer 'Identitéit' gëtt? Ëm wéivill méi misst dann eise butzege Staat drop halen, **verstänneg ze weisen, dat mir net grad vun der Heck gepléckt sinn**. An der Rei: Eng Constitutioun ass kee Roman (wéi déi Sprooch-Bestëmmung ee vläicht an deer maltesescher Verfassung virkomme kann). Ower eng Zeil weider iwwer eis identitär Elementer verweidert dat lëtzebuergesch Grondgesetz op kee Fall. Hei ass klor an däitlech eis Proposition, déi mir, mat eisem Respekt, den honorabelen Députéierte vun der Constitutionscommissioun an deem Sënn mat op de Wee ginn:

### Art. 29

**La langue (identitaire?) du Grand-Duché de Luxembourg est le luxembourgeois. L'emploi du luxembourgeois, du français et de l'allemand en matières légale, administrative et judiciaire, ainsi que les exigences de compétences linguistiques sont réglés par la loi.**

Wou ass hei e juristeschen oder anere Problem? Dat soll deen, deen dogéint ass emol däitlech... a fundéiert soen... an sech net hannert dem kamouden Anonymat vun enger net öffentlecher Commissioun verstopen! Wier et z. B. keen intressant Thema fir eng Discussioun op eiser TV? ■ H.M.

## 300 Joer VAUBAN



Egal, ob mir (normalerweis) **géint Krich a Misär** sinn; ob mir näischt vu Militär a bluddege Streidereien halen; ob äis eng Geschicht voller Schluechten a Leiden net ka begeeschten: de franséische Generol a Festungsbaumeeschter VAUBAN ass e Genie a sengem Fach gewiescht, wéi d'HISTORIA' der kee Grappvoll kennt!

**Wat wier eis historesch Stad ouni de Vauban?** Si mir, jo oder neen? houfreg, fir deene Leit dat ze weisen, déi bei äis op Besuch kommen? Wann déi Festungswierker esouguer de J.W. v. Goethe begeeschtert a fir ze zeechen inspiréiert hunn, da muss dach ower eppes weider dru sinn ewéi nëmmen 'opgetässelt' Steng!

Leider ass ëm 1870 zevill brav a séier villzevill ofgerappt ginn; leider huet d'Stad Lëtzebuerg sech och kee Luf mam Ofräisse vun de Vauban-Kasären am Pafendall verdéngt, wou d'Géigend nach haut 'um Vaubang' heescht... a wou mir iech **e wonnerléift (authentesch) Buch iwwer d'Kannerzäit ëm 1900** ze bidden hunn: **'um Vaubang' – Adel Weis** – a jidfer Bicherbuttek... e Genoss an der Sprooch, eng Gellecht vun Erzielertalent! Dir kennt et natierlech och bei äis bestellen a kréien.